PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Interieur & Gesondheet weiderzeleeden.

D'Rettungsdéngschter sinn en essentielle Bestanddeel vun eisem Gesondheetssystem. E sécheren Transport vu kranke Persounen an eng kompetent Prise en Charge vu Verletztenen direkt no engem Accident, si vu grousser Wichtegkeet. Dofir gesäit déi aktuell Impfstrategie och fir, dass d'Rettungsdéngschter prioritär géint de Covid-19 geimpft kënne ginn, fir esou operationell ze bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persoune beim CGDIS goufe scho geimpft?
2. Wéi vill Persoune vum CGDIS kruten eng Invitatioun fir eng Impfung geschéckt?
   Wéi vill Persounen hu vun der Offer profitéiert?
3. Unhand vu wéi engen Date goufen d'Invitatioune fir de CGDIS eraus geschéckt?
   Kann et sinn, dass dës Date Lücken opweisen a Persoune vergiess goufen?
4. Wéi vill Persoune vum CGDIS wäerten nach an de kommende Woche geimpft kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député